


07. Januar 2023 / 61

Wäert Monitricen, Moniteuren,
Stellvertrieder, Assistenten, wäert Kolleegen a Frënn,




**Alles Guddes fir 2023**


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068

Wëssenstester: Hei pur Daten fir an ären "Save the Date".

| Datum | Wou |
|---|---|
| 25.03.2023 | Bettembourg |
| 22.04.2023 (moies) | Zentrum |
| 22.04.2023 (mëttes) | Weiswampach |
| 18.11.2023 (moies) | Lintgen |
| 18.11.2023 (mëttes) | SaDiff |

**Merci am Numm vum JFA!**

# Ënnerwee duerch déi 4 Regioun

Am Moment sinn DPV, INFS-JP a den JFA zesummen ënnerwee am Lëtzebuerger Land. Déi 3 Acteuren wëllen alleguerten Neiegkeeten a Verbesserungen mat iech dobaussen diskutéieren.

Folgenden Programm gouf zesummen ausgeschafft:

1. **Jugendfeuerwehrausschuss**
   - Congé Jeunesse
   - Ufroe vu Material
2. **Département pompiers volontaires**
   - Aschreiwung vun de Jugendpompjeeën
   - Wiessel bei d'operationell Pompjeeën
   - Sporttest
3. **INFS- Pédagogie jeunes-pompiers**
   - Formatiounsstruktur
   - VAE & RECO
   - Spilledossier
4. **Diskussiounsronn**

Déi lescht Reunioun fënnt den 11.01.2023 an der Regioun Osten – Waldbëlleg (Waldbillig) statt.

Am Laf vum Januar wäerten sech déi 3 Acteuren dann zesummen setzen an Är Feedback'en ukucken.

# EVENT-KALENNER vum CGDIS :

***De Link zu der Newsletter:***

# INFO'EN säitens der DPV (Département des Pompiers volontaires)

Hei sinn Datumer vun deenen nächste Sportstester an Aschreiwung gëtt just iwwert den DPV gemaach → Kontakt Tél: +352 49771 2332 oder **volontariat@cgdis.lu**

**https://112.public.lu/fr/volontariat/Volontariat/testsportvolontaires.html**

| 2023 | | |
|---|---|---|
| **Januar** | **28.01.** | **CNIS** |
| **Mäerz** | **25.03.** | **CNIS** |
| **Mee** | **13.05.** | **CNIS** |
| **Juli** | **29.07.** | **CNIS** |

# SITE MOBILE JUGENDPOMPJEEËN



@cgdislux

**Iechternach**
17.1.2023 /// Nomëttes

**Wolz**
2.3.2023 /// Nomëttes

**Centre National d'Incendie et de Secours CNIS**
28.3.2023 /// Nomëttes

**Wann Dir äert Kand wëllt fir d'medezinesch Ënnersichung umellen, kennt Dir Iech an eisem Sekretariat STP mellen**

**Tél.: +352 49771 2411**
**E-mail: dms-sante@cgdis.lu**

Fir e medezinesche Rendez-vous am STP ze plangen, rufft w.e.g. um 49771 2411 un, Méindes-Freides vu 09.00-12.00 an 13.00-15.30 Auer.

Centre National d'Incendie et de Secours
3, boulevard de Kockelscheuer
L-1821 Luxembourg

**Nationaler Schwammmeeschterschaft**
26.03.2023 in Diekirch

**AG FNP & JFA**
28.04.2023 in der Region Osten -> Kulturhaus Syrkus,
20, route de Luxembourg L-6910 Roodt/Syr

https://rauchmelder.lu/

Den 01.01.2023 ass d'Iwwergangsperiod vun 3 Joer, déi am Artikel 9 vum Gesetz vum 06.12.2019 iwwert déi obligatoresch Installatioun vun autonomen Dampmelder a Gebaier mat op d'mannst enger Wunneng festgeluecht ass, eriwwer. Wunnengen, déi virum Akraafttriede vum Gesetz existéiert hunn, mussen deemno vun dësem Datum u konform mam Gesetz sinn.



# Flott Aktiounen aus der Jugendaarbecht:



Jugendpompjeeën Stengefort :

De Kleeschen hat de Wee och bei eis Jugendpompjeeë fonnt. Déi mat Äifer zesumme mat de grousse Komeroden de Beemchen sou schéi geräscht hunn.



CIS Rambrouch :



Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen...
Wéi all Joers war et ganz sportlech ginn an der Kietschter Sportshal. Eng kleng Paus gouf et awer och, wéi den hellegen Niklos de Wee bis bei eis Jugendpompjeeë fonnt hat. Mir soe villmools Merci fir d'Titchen an hoffen si schmaacht de Jugendpompjeeë genau esou gutt wéi hirem Jugendleeder a sengen Helferen.





CIS Bertrange-Strassen:
Den Kleeschen ass bei eiser Jugend laanscht komm, mat engerTitchen an nach ee klenge Kaddo. Dono ass ee Film gekuckt gi an d'Kanner haten hiren Spaass mam villen Schockola.



FF Bollendorf & CIS Berdorf:

Zum ersten Mal nahm auch die Jugendfeuerwehr an der Veröffentlichung der Adventsfenster in Bollendorf teil. Im Anschluss erhielten alle Kinder ihre Nikolaustüten. Das Fenster kann am Gerätehaus in der Wallendorfer Straße bewundert werden.
Danke an die Kids und die Jugendleitung für die tolle Aktion. Wir finden das Fenster ist sehr gelungen!



Jugendpompjeeën CIS Remich:

Als Ofschloss vum Joer woare mir Schlittschong fueren an duerno nach eng Pizza äessen, fir neess Energie opzetanken.







nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068




Amicale SaDiff:

SaDiff hat den Ofschloss vum Joër mat hiren Jugendpompjeeën. Traditionell hu si en Ausflug gemaacht, an sinn an d'Schwemm Calypso gefuer. No engem flotten Mëtten an der Schwemm, ass et Owes an den Restaurant gaangen. Duerno vir den Ofschloss, krut nach jiddereen e klengen Kado. Mär wënschen eng schéin Vakanz an schéin Feierdeeg.



Jugendpompjeeën Reiden:



Den 10/12 haaten mir dei lescht Übung vir dest joer dess Übung waar bessen mei speziell et ass drems gaangen een Parcours vun en puer Kilometer ze meeschteren.
Op deem Parcours hunn Kanner missen 5 verschidden Atelien maachen enneranerem wasserführende Amaturen erkenne een Beemschen iwwer Funk kennen ze moolen een Creschtbeemchen bauen. Zu gudder lescht ass et duerno nach een gudden Schoki an eng Spaghetti ginn.
An well eis Kanner sou gudd matgeschafft hunn kruuten sie nach een Kaddo zum schluss vum Joer.
An nitt ze vergiessen hunn Kanner och eng Kleesecherstuut kritt. Mir wenschen vun hei aus jidderengem schein Feierdeeg an een gudden Rutsch an neit Joer sou dass mir nächst Joer rem mat voller Energie kennen unfänken









D'Jugendpompjeeën vum CIS-Lëntgen wënschen iech an ärer Famill schein Feierdeeg an een Gudden Rutsch an dat neit Joer

Den CIS Nordstad, a besonneg eis Jugendpompëee, wënschen jidderengem schéi Féierdeeg!







De CGDIS wënscht Iech alleguer schéi Feierdeeg!

**Mir probéieren alleguerten Är Wënsch mat anzebannen ☺!**
**Well Dir eis Newsletter'en bestellen oder ofbestellen, da sot eis Bescheed.**


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068